ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3577 iwwert eng Rei vu Modalitéite vun dem EU-Reglement 2019/631/UE, schreift den Här Minister ënner anerem, datt, no dem Artikel 12 vun dem zitéierte Reglement, zënter dem 1. Januar 2021 eng Rei Donnéeën iwwer de reelle Verbrauch vu privaten Autoe mussen un d'EU-Kommissioun iwwermëttelt ginn. Gläichzäiteg preziséiert den Här Minister, datt de Reglement en vue vun der konkreter Ëmsetzung vun dëser Iwwerdroung relativ "vague" formuléiert ass.

Dowéinst wéilt ech dem Här Transportminister nach dës Froe stellen:

1) Goufen d' Proprietaire vun deene concernéierte Gefierer vun der Regierung iwwer des Neiregelung an hir potenziell Widersprochsrechter informéiert? Wa jo, wéini a wéi? Wann net, firwat net?
2) Bei wéi enger zoustänneger EU-Autoritéit ginn des Donnéeë stockéiert an ausgewäert? Wéi enge gesetzlechen Dispositioune vum Dateschutz ënnerleien déi?
3) Gräift d'EU-Kommissioun bäi der Ëmsetzung vun dësem Reglement op d'Expertise oder aner Déngschtleeschtunge vu private Firmen zeréck? Wa jo, wéi eng sinn dës a wéi enge gesetzlechen Dispositioune vum Dateschutz ënnerleien déi?
4) A wéi enge Länner stinn d'Serveren op deene dës Donnéeë stockéiert ginn?
5) Iwwer wéi eng gesetzlech Garantie verfüügt d'Regierung, datt déi iwwermëttelt Donnéeën net an Drëttstaaten transferéiert ginn?
6) Wéi ginn des Donnéeë viru potenziellen Hackerugréff geschützt?
7) Laut dem Minister sollen déi Donnéeën anonymiséiert gi, mee de Paragraph a) vum Artikel 12 vun dem zitéierte Reglement schreift vir, datt och d' Nummereschëld vum Auto muss mat iwwerdroe ginn. Wéi kann de Proprietär vum Auto anonymiséiert gi, wann déi erhuewen Donnéeë selwer Réckschléss op seng Identitéit zouloossen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten